N°16
Entrée le 16.01.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

**Här President,**

Am Kader vun der Froestonn vum 16.01.2024 wéilt ech dem Minister fir den Interieur eng mëndlech Fro stellen.

Säit e Méinde sinn an der Staat Polizist:innen ënnerwee, fir d'Heescheverbuet vun dem Stater Gemengerot duerchzesetzen. Am Lëtzebuerger Wort kann een dann och liesen, dass generell solle Polizist:innen aus aner Regiounen an d'Stat verluecht ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

Wéi vill Polizisten waren gëschter a wäerten déi nächst Deel d'Aufgab hunn, fir an der Staat d'Heeschereiverbued duerch ze setzen?
Aus wat fir Servicer sinn dës Polizisten ofgezu ginn?
Aus wat fir Gemengen goufen d'Beamt:innen ofgezunn a wat waren heifir d'Krittären? Wat fir een Impakt huet dës nei Verdeelung vu Beamt:innen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten